



Alstad news

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

21/2015

Léif Frënn vum Comité Alstad!

Et geet erëm e Joer zu Enn, an dat ass och den Ament fir eng nei Editioun vun onsen Alstad News.

Dir fannt op dëse Säiten eng Rei Propositioune fir är Sammlung, a fir schéi Cadeauë fir d'Feierdeeg.

2015 ass den 125^{ten} Anniversaire vum Avènement vun onser Dynastie. Mir wollte bei dëser Geleeënheet eng Publikatioun mat Portaiten a biografeschen Notizen iwwert ons Staatschefe säit 1890 erausginn. Dir fannt an dësem Bulletin all néideg Präzisiounen iwwert dëse Projet. Mir hoffen, datt dëst all deenen, déi un onser Geschicht intresséiert sinn, gefällt. E grousse Merci un de Groussherzoglechen Haff, an un déi Museeën, déi ons erlaabt hunn, Wierker aus hire Kollektiounen ze publizéieren!

Nieft de Geschichtsfrënn sollen och déi Konschtbegeeschtert ènnert iech net ze kuerz kommen. Dir fannt eng Offer vun engem Bild vun der Méchelskierch, gemoolt vun onsem Member François Jaeger. Mir hunn och nach puer därfotter Portefolioë vum J. Besch. Avis aux amateurs!

Ons nei Editiounë kënne wéi èmmer bei ons bestallt, oder op onsem Stand um Chrëschtmaart bei der Gëlle Fra kaf oder ofgeholl ginn. Et géing ons freeën, lech do ze begéinen.

An deem Sënn: schéi Feierdeeg an elo schonn e gutt Neit Joer 2016! Och fir dann hu mer schonn eng Rei Iddien.

Äre Comité Alstad

Jean-Mathias Goerens
President.

Kollektioun Comité Alstad

Mir géife gär eng 2. Serie vun de Comité Alstad Objeten uleeën. An duerfir bräichte mir Är Mathëlf. Wann Dir nach Objeten hutt, déi de Comité Alstad vun 1938 bis haut erausbruecht huet, a bereet sidd, déi Objetë bei ons ze déposéieren, wiere mir duerfir ganz vrou. Fir weider Informatiounen, rufft ons w.e.g. un um Telefon 46 61 88.

Et gëtt elo ons ganz Kollektioun op CD (PowerPoint). Dësen CD kann ee sech bestelle beim Comité Alstad mat engem klengen Onkäschtebeitrag vu 5 €, z'iwwerweisen op ee vun onse Konten. Den CD kënnt dann um Postwee bei lech heem.

OPRUFF

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz vrou iwwert är Mathëlf.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et können och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat können Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Émaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitésen, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prëssessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn.

De Comité Alstad wier vrou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatiounen brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëlf elo schonn e ganz grousse Merci.

Comité Alstad a.s.b.l.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945
Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88
Fax : (352) 40 97 50
E-mail : comite.alstad@pt.lu
www.comitealstad.lu

1890 – 2015

125 Joer Dynastie Lëtzebuerg-Nassau

De Comité Alstad ass houfreg, lech fir den 125. Joeresdag vun onser Dynastie eng Farde kënnen unzebidde mam Portrait vum Grand-Duc Adolph, dem Grand-Duc Wëllem IV., der Grande-Duchesse Marie-Adélaïde, der Grande-Duchesse Charlotte, dem Grand-Duc Jean an dem Grand-Duc Henri. Kompletéiert ginn d'Portraituren duerch eng Fiche mat biographeschen Notizen.

D'Portraitë goufen ons fréndlecherweis vum Groussherzoglechen Haff an dem Staatsmusée zur Verfügung gestallt.

D'Farde am Format DIN A4 gëtt et an 2 Versiounen:

125 Farden numeréiert mat engem Timber, deen de Grand-Duc Henri weist, a mam Post-Dagesstempel vum 09. November 2015. Och 125 Farden numeréiert ouni Timber an ouni Dagesstempel.

D'Farde mat Timber a Dagesstempel kascht 30 €, d' Farde ouni Timber an Dagesstempel kascht 25 €.

Bestelle kann en d'Farde beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspreechender Zomm op ee vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Vermierk: Farde 125 Joer Dynastie

Den Erléis ass fir d' Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse.

Ofhuele kann ee sang bestallten a bezuelte Farde "125 Joer Dynastie Lëtzebuerg-Nassau" um Chrëschtmaart, den 11., 12. an 13. Dezember 2015. Onse Chalet hu mir bei der Gëlle Fra.

Wien net op de Chrëschtmaart ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Farde an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. bis den 18. Dezember 2015 ofzehuelen, vu muerges 09:00 – 12:00 Auer.

Mir wünschen lech vill Freed mat der Farde "1890-2015 125 Joer Dynastie Lëtzebuerg-Nassau".



Adventsconcert an der Méchelskierch um Fëschmaart

De Comité Alstad an d'CityBrass invitíerieren op en Charity-Concert an der Méchelskierch um Fëschmaart:

MËTTWOCH, DE 25. NOVEMBER 2015 UM 20:00 AUER

Um Programm:

- | | |
|---------------------------------|----------------------------------|
| 1 Präludium 22 | J.S. Bach – arr. L. Paul |
| 2 Silent Water | arr. M. Scharnagl |
| 3 Unterwegs | Karl Dobrek – arr. Mnozil Brass |
| 4 Praise You | Traditional – arr. A. Wieder |
| 5 Libertango | Astor Piazzolla – arr. L. Bocci |
| 6 Connecting People | Thomas Gansch |
| 7 Allgäuer Hirtenruf | Traditional – arr. Bruno Seitz |
| 8 La Tyrolian Story | Alois Eberl |
| 9 Maria durch ein Dornwald ging | Traditional – arr. L. Paul |
| 10 Das Traummännlein kommt | F. Schubert |
| 11 Jatz Kleschma | arr. D. Schickbichler |
| 12 Oblivion | Astor Piazzolla – arr. Joe Laube |

CityBrass setzt sech zesummen aus:

Gilbert Asselborn,

Pit Kuffer, Claude Theisen – Trompett

Raym Sachsen – Cor

Guy Mangers, Jeannot Schott – Trombone

Eugène Mackel – Basstuba

Chrëscht Crelo - Percussioun

ENTRÉE: 10,00 €

Den Erléis vum Concert ass fir d'« Association des chiens guides d'aveugles ». Réservatioun um Telefon 466188



De Fëschmaart


Hei fir déi Leit, déi e ganz spezielle Cadeau siche fir déi kommend Feierdeeg. Dëse flotte Faksimile, (d'Original staamt aus der Hand vun onsem Member Fränz Jäger) weist ons en Deel vum Fëschmaart. All Faksimile ass vum Artist numérotéiert an och signéiert. Bestelle kann een dëse Faksimile (DIN A3) duerch Iwwerweise vun 25,00 € op ee vun onse Konten:

**bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
oder bei der BGL-BNP Paribas:
IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

Vermierk: Faksimile Fëschmaart

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Faksimile "Fëschmaart" um Chrëschtmaart, den 11., 12. an 13. Dezember 2015. Onse Chalet hu mir bei der Gëlle Fra.

Wien net op de Chrëschtmaart ka kommen, huet d'Méglechkeet, de Faksimile ofzehuelen an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. bis den 18. Dezember 2015, muerges vun 09:00 – 12:00 Auer.



Pittoresk Eckelcher an der Stad

E GANZ FLOTTE CADEAU FIR D'FEIERDEEG VUM JOERESENN.

De Jos. Besch, gebuer de 27.07.1917 zu Diddeleng, gestuerwen den 12.07.2007 zu Lëtzebuerg, war Schoulmeeschter vu Beruff an e wonnerbare Mënsch. Seng grouss Passioun wor d'Konscht. En huet an der Keramik, am Holz asw. geschafft, seng gréisste Passioun wor d'Molen. An esou huet hien dës 6 Kuelzeechnungen (30 x 40 cm), déi hien an de Joeren 1985/1986 gemoolt huet, an enger Farde „Coins pittoresques de la Ville de Luxembourg“ zesummegestallt.

Dem Jos. Besch seng Duechter huet dem Comité Alstad nach emol eng Parti där Farden zur Verfügung gestallt. Mir können lech dës Farden fir d'Feierdeeg vum Joeresenn ubidden, mat der Oplo, datt de Benefice vum Verkaf der Crèche um Plateau Altmünster zoukënnt.

Bestelle kann een d'Farde beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspreechender Zomm (40,00 € pro Farde) op ee vun onse Konten


**bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
oder bei der BGL-BNP Paribas:
IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

mam Vermierk: Farde Jos. Besch

Ofhuele kann ee seng bestallten a bezuelte Farde um Chrëschtmaart, den 11., 12. an 13. Dezember 2015. Onse Chalet hu mir bei der Gëlle Fra.

Wien net op de Chrëschtmaart ka kommen, huet d'Méglechkeet, seng Farde an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. bis den 18. Dezember 2015 ofzehuelen, muerges vun 09:00 – 12:00 Auer.

Mir wünschen lech vill Freed mat dëse "Pittoresken Eckelcher an der Stad".



De Comité Alstad, d'Émaischen an och Aneres (7)

Zesummegestallt vum Claude Esch

■ 1945

Bekanntmachung bezügl. EMMAUS

Wir bringen den ambulanten Warenhändlern hiermit zur Kenntnis, daß die traditionelle Emmaus auch diese Jahr stattfindet. Zugelassen sind nur Verkaufsstände jeglicher Art. Diejenigen Händler, die sich daran beteiligen wollen, sind gebeten, sich bei der „Fédération des Forains et des Marchands ambulants“, Luxemburg, Avenue de la Porte-Neuve 9, Tel. 57 60 zu melden. — Folgende Angaben müssen daselbst eingereicht werden: 1. gewünschte Platzgröße. 2. Art der Ware, die zum Verkauf, gelangt. In Anbetracht, daß wir der Gemeindeverwaltung über die Anzahl der gemeldeten Teilnehmer, sowie über die Art der Verkaufstände berichten müssen, bitten wir um sofortige Anmeldung. — Die „Fédération des Forains et des Marchands ambulants.“

An hei, wat d' Escher Tageblatt vu Samschdes, dem 31. Mäerz 1945 geschriwwen huet:

"D'Preise peifen um leschte Lach oder d'Emeis'chen vun der Libératioun - O'schtermendeg gin op der Emaischen Peckvillercher verkraft, de· am Zechen vun der Liberatio·n stin. An de· blose mer eso· fest, dass s·et bis de·seit de Rhein he·eren an dass se wössé sollen, dat sie um leschte Lach peifen. D·Liberatio·nspickvillercher gi mat enger klenger Majoratio·n verkraft, de· dem St. Märtenswierk zo·könnnt. De Probste Jos huet och ve·er Karto·en gezechent, de·fir 50 Frang verkraft gin, an denen hire tirage limite·ert ass. Och den Erle·s könnnt den St. Märtenswierk zegudd. Fir der Emeischen vun der Liberatio·n e besonnesche Cachet ze gin, göt am Musée eng Ausstellong gewisen iwer «Aullen an Aullebecker». Dös Bezechnong könnnt vum Latengeschen aula oder olla, wat poterie héscht. Der wößt elo, vu wo·e Numm Aule hirkönnt. Mir hate göschter d·Piese·er, önner der Ledong vu bekannte Museesleit, den Häre Prof. Meyers, Georges Schmit, Prof. Heuertz an Louis Wirion, d·Ausstellong ze gesin, de· e Mendeg opget a bis den 8. Abröl dauert. Den Erle·s könnnt den e·schten Dag (Entree 5 Fr.) dem St. Märtenswierk zegudd, de vun den aneren Deg der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. D·Expositio·n ass all Dag vun 10-16 Auer. Am e·schte Sall gesi mer d·Kärtens, wo· de· verschiedenen Poterien fond si gin, an zwar vum Rhein bis an d·Möttelmir. Mir gesin dann sche· Stecker vun «Terra sigillata», «terra nigra» an «terra rubra». D·Terra sigillata·. mat sche·ner ro·der Farw könt aus Italien (Ge·gend vun Arrezzo) a weist scho sche·n Reliefen op. Mer gesin sehe· Stecker aus der prehistorialer Zeit. Gewöß, «d·terra nigra» an «d·terra rubra», de· mer önner «terra belgica» rubrize·eren, hun nöt de ,Glanz vun de re·mesche Stécker, d·Glasur ass önnerschiddlech, mais d·A erfret sech un de sche·ne Formen. Mer gesin och, eng Zechnong vun Wiltheim, we·d·Aulle-becker an aler Zeit verfuer sin an· och ägyptesch. a griechesch Reproduktionen. Am zwete Sall gesin mer Terrakotten, de· zu Marteleng an op der Schanz fondt si gin an och schon Virlefer vun onse Pickvillercher. Mer gesin och Matro·nen (deae matres) awer och Deere-Figurenwe· Pärd an Horn. Och sche·n Kre· fir Wein oder Uelech sin ze gesin. Mer machen dann, ewell d·fränkesch Zeit an d·Möttelalter nöt vill hannerloß hun, e Sprong an 16. Johrhonnert. Mer gesin de· e·schte Kre· aus No·spelt, sche· geriffelt, mat "gequetschte" Fe·β, Hauswopen, einfacher salz- oder eisen halteger Glasur. Och sche·n Kre· vu Raeren, Siegburg a Köln kann gesin. Hei geseit é schon heraldesch Zéchen, Szenen aus der Bibel; als pendant franse·sch Gobeléen vu Beauvais. E sche·ne "Bartmannskro·" vu Veianen ass och ze gesin. Weider Sachen aus dem he·hen Möttelalter aus Veianen, Méchtem, Miersch, Stesel a Wasserbölleg. Och wertvoll Kachelen sin ze gesin; sie wornen um Föschmart am, Mé 1944 ausgegruewen gin a waren schons op en Tipp gefo·ert gin. Zum Gleck konnten d·Leit vum Musée d·Stecker nach fannen an eröm flecken --- E Steck ass besonnesch·



DEN ÉISCHTEN ÉMAISCHENSSOUVENIR

wertvoll, well do fir d·escht de gothesche Stil zu gesin ass. Matsen am Bombardement vum Me go·wen de· wertvoll Stecker gebuergen. An engem anere Sall gesi mer Theobaldusboch (1581–1846), d·Löscht vun der Theobaldusbrudderschaft, de Patre·ner selwer, eng gölle Coupe, e Schrein (am Besötz vum Här Wirion), e Prozes-sio·nssehöld an eso· virun. Och d·Wirkstadt vun Ditges Neckel vu No·spelt ass ze gesin mat Kre·, Blumendöppen, Rauchfässer, Pickvillercher. Weider gefalen Poterien aus Bauerheiser; we· Soupieren, Töntefässer. Drei Wonnertsche· Kre·, de· den Escher Kreisleiter no E·sch verschleift hat an de· do no der Liberatio·n zerste·ert go·wen, sin an der Reproduktio·n (Joffer Wilhelm) ze gesin. Sche· Sachen weisen och de Jang Peters a sei Jong aus dem Reckendall (Puerdöppercher, Spruddeldöppercher, Spuer-bechsen, Waßerpeifen) an eso· virun. De Jang Peters huet och de Pickvillchen vun der Liberatio·n entworf. Gudd Photoen vun den. HH. Batty Fischer, Sibenaler, Zechnongan vum Probst an eng Reproduktio·n vum Pierre Blanc (d·Emeische virun honnert Johr) kompléte·eren d·Expositio·n, de' all Stack-Letzeburger besiche soll."

Als Optakt vun der Émaischen 1945, esou wollt et d' Traditioun virum Krich, wor am Nomëtteg e Concert vun der Stadmusiek, awer net um Fëschmaart, mee op der Place d'Armes. En zweete Concert vun de Professeren an de Schüler aus dem Conservatoire gouf et am Cercle. An der Paus sinn 20 Mappen „O'SCHTERME'NDEG 1945 - DE' E'SCHT EMAIS'CHEN AM FREIE LETZEBUERG“ ènnert den Nolauschterer gratis verloust ginn. Den Erléis vum Concert wor fir d'St. Märtenswierk. Vun der Émaischen 1945 wësse mer just, datt et u sech keng richteg Émaische wor. Et wore wahrscheinlech némmen e Grapp vu Stänn do, déi Libératiounspickvillercher verkaf hunn. Et ass och rem weidergaang mam Verkaf vun engem Émaischenssouvenir. Dat gouf et jo net an de Joere virdrun. Op dëser eischter Émaischen nom Krich ass eng Mapp „O'SCHTERME'NDEG 1945 - DE' E'SCHT EMAIS'CHEN AM FREIE LETZEBUERG“ mat Zeechnunge vum Joseph Probst zum Präis vu 50.- Frang ugebueden ginn. Och deen Erléis ass dem St. Märtenswierk zegutt komm.

Fir der Émaischen (et wor jo nach keng richteg Émaischen, well se och nach 1945 um Knuedler of gehal gouf) e besonnesche Cachet ze ginn, gouf et am Musée um Fëschmaart d'Ausstellung „Aulen an Aulebäcker“. Feierlech Inauguratioun wor Ouschterméindieg mueres um 09:00 Auer a Präsenz vum Prénz Félix.

Mir wëssen, datt déi am Joer 1937 gegrënnte Festkommissioun dës Kéier aus der Émsiidlung erëm wor, an hir Aarbecht opgeholt hat.